N°4592
Entrée le 06.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Am Kader vun der aktueller Dréchent ass et zu Lëtzebuerg an de leschte Wochen zu enger ganzer Rei Vegetatiouns- a Bëschbränn komm. Den CGDIS huet fir eleng zwou Wochen am Juli 2026 35 Vegetatiounsbränn gezielt, dorënner e Brand vu ronn fënnef Hektar zu Greiweldeng. Den 3. August 2026 huet an eiser direkter Noperschaft, laanscht d'E25 op der Héicht vu Baaschtnech, e Vegetatiounsbrand missen ënner anerem duerch Helikoptere vun der belscher Federalpolice mat Waasserofworf bekämpft ginn.

An dësem Kontext huet d'Luxembourg Air Rescue (LAR) ëffentlech drop higewisen, datt et och zu Lëtzebuerg Géigende gëtt — genannt goufen den Ourdall, d'Ëmgéigend vum Stauséi an d'Eisebunnsstreck tëscht Kautebaach a Wolz — déi mat Läschgefierer schwéier oder guer net z'erreeche sinn, an datt de CGDIS bis elo net mat der LAR a Kontakt getrueden ass, fir wärend der Brandsaison en Helikopter permanent bereet ze halen an an e Bësch- a Vegetatiounsbrand-Interventiounsplang z'integréieren. D'LAR seet vun hirer Säit, datt e Bambi Bucket mat 800 Liter Fassungsverméigen disponibel wier an datt eng esou Kapazitéit, bei engem entspriechenden Accord, vum Fréijoer 2027 un asazbereet kéint sinn.

Ech hunn dës Thematik schonn a menger parlamentarescher Fro n° 980 vum 29. Juli 2019 opgeworf. An der Äntwert vum 2. September 2019 huet d'deemoleg Inneministesch geäntwert:

- datt d'LAR bis dohi keng Demande beim Staat agereecht hätt, an där de Käschtepunkt vun der Pilotenausbildung fir e Läschwaasser-Ausselaaschtbehälter duergestallt war;
- datt weder de Ministère nach de CGDIS selwer en Helikopter bedreift;

- datt déi zwee Police-Helikoptere vum Typ Airbus H145M esou equipéiert sinn, datt den Asaz vun engem Bambi Bucket méiglech wier, an datt déi genee Asaz-Optiounen “am Moment” vum CGDIS, vun der Défense a vun der Police gepréift géife ginn;
- datt zu de Käschte keng Ausso méiglech wier, well zu deene genannten Hypotheese keng Analyse gemaach gi wier.

Siwe Joer méi spéit géif ech dofir gäre wëssen, wat aus dëse Préiwunge ginn ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ass d’Préiwung vun den Asaz-Optioune vun den zwee H145M-Helikopteren, déi 2019 vum CGDIS, vun der Défense a vun der Police annoncéiert gouf, ofgeschloss ginn? Wat sinn d’Conclusiounen? Gëtt et dozou e schrëftlecht Dokument respektiv eng formell Decisioun, a wéini ass déi geholl ginn?

2. Verfüügt de Staat (Arméi, Police oder CGDIS) haut iwwer e Läschwaasser-Ausselaaschtbehälter (Bambi Bucket)? Wa jo: zënter wéini, mat wéi enger Kapazitéit a wou ass e stationéiert? Wa nee: wat waren d’Grënn, fir dovunner ofzegesinn?

3. No den offiziellen Informatioune vun 2019 sinn déi zwee H145M um Findel bei der Luxembourg Air Ambulance stationéiert, gi vun deenen hire Pilote geflunn an och vun hinnen technesch ënnerhalen; dëst Betriebs- a Maintenance-Arrangement war bis Dezember 2023 virgesinn, mat der Perspektiv, datt d’Arméi duerno selwer Pilote stellt. D’Police schreift op hirer Internetsäit weiderhin, datt d’Piloten extern rekrutéiert ginn.
   - Wien ass haut den Operateur vun den zwee Helikopteren, wien assuréiert d’Maintenance a wie stellt d’Piloten? Bis wéini leeft de betreffende Kontrakt a wat kascht en de Staat pro Joer?
   - Sinn d’Piloten, déi haut d’H145M fléien, fir Ausselaaschtoperatiounen (Bambi Bucket, Longline) ausgebilt an zertifizéiert, a gëtt dës Qualifikatioun reegelméisseg opgefrëscht? Wéi vill Pilote stinn dofir zur Verfügung?
   - Deckt den aktuelle Kontrakt Läschasazer mat engem Ausselaaschtbehälter of, oder wier dofir eng Ergänzung néideg? Anescht gesot: ass d’Hindernis fir eng esou Kapazitéit haut e vertraglecht, en technescht oder e budgetäert?

4. Wéi vill Kéieren ass zu Lëtzebuerg zënter 2019 bei engem Vegetatiouns- oder Bëschbrand Waasser aus der Loft ofgeworf ginn? Wéi oft huet Lëtzebuerg auslännesch Loftmëttele (Belsch, Däitschland, Frankräich) respektiv den EU-Zivilschutzmechanismus / rescEU ugefrot, a wéi laang waren do d’Reaktiounszäiten?

5. Existéiert en nationale Bësch- a Vegetatiounsbrand-Intervetiounsplang? Wa jo, gesäit deen den Asaz vu Loftmëttele vir, an ënner wéi enge Konditiounen? Zu wéi enge Conclusioune betreffend Loftmëttelen ass den Aarbechtsgrupp “Feux de végétation et de forêt” vun der nationaler Plattform fir d’Reduktioun vu Katastrophenrisike komm? Ass an der nationaler Kapazitéitsreserv RESC-LU eng Loftbrandbekämpfungskapazitéit virgesinn?

6. Leien Analyse vir iwwer d’Entwécklung vun der Zuel an der Ausdeenung vu Vegetatiouns- a Bëschbränn zënter 2019? Gëtt et eng Kartographie vun deene Géigenden, déi mat Läschgefierer net oder nëmme schwéier z’erreeche sinn, an dorënner déi vun der LAR genannten Zonen?

7. Huet de CGDIS oder de Ministère zënter 2019 de Kontakt mat der LAR gesicht, fir eng saisonal Bereetschaft ze diskutéieren? Wa jo: wéini a mat wéi engem Resultat?

8. Läit haut eng Käschtenanalys vir? Op wéi vill géif sech eng saisonal Bereetschaft (zum Beispill vun Abrëll bis September, bei Dagesliicht) mat engem privaten Operateur belafen, an op wéi vill eng Léisung an Eegeregie duerch staatlech Institutiounen? Falls och haut nach keng Analyse virläit: ass d’Regierung bereet, eng esou Analyse maachen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés